N° 353
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

20/05/2026

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 21te Mee 2026 wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro stellen.**

Lëtzebuerg gehéiert nach ëmmer zu de wéinege Länner an der EU, déi iwwer keng 24/7-Hotline fir Mënschen a Suizidkrise verfügen. D'Hotline vun SOS Détresse ass deeglech nëmmen tëschent 11 an 23 Auer erreechbar — an der Nuecht ass kee Beroder do, ausser Freides a Samsdes, wou se bis 3 Auer Moies erreechbar sinn. D'Chamber huet am November 2025 eestëmmeg eng CSV-Motion ugeholl, déi d'Regierung opgeruff huet, eng national 24-Stonnen-Hotline ënner der Nummer 119 fir Mënschen a psychescher Not anzeriichten. Bis haut gouf dat awer nach net ëmgesat.

**An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:**

1. Firwat ass et Lëtzebuerg bis haut net gelongen, eng 24-Stonnen-Hotline fir Mënschen a Suizidkrise anzeriichten — och nodeems d'Chamber dës Motion eestëmmeg ugeholl huet?
2. Wéini gedenkt d'Ministesch, déi gesetzlech Grondlag ze schafen, déi fir d'Hotline 119 néideg ass — a wéini wäert dëse Service konkret verfügbar sinn?
3. E Spriecher vum Gesondheetsministère huet géintiwwer der Press erkläert, et kéint nach „Méint oder souguer Jore" daueren, bis déi gesetzlech Grondlag geschaf ass — an nach méi laang, bis d'Hotline 119 tatsächlech verfügbar ass. Wéi justifiéiert d'Ministesch dës Zäitspann, wann d'Chamber d'Motion

eestëmmeg ugeholl huet? Wéi eng konkret Schrëtt sinn zënter November 2025 ënnerholl ginn, a wéi eng gesetzlech oder administrativ Hindernisser halen d'Ëmsetzung op?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten